N° 5613
Reçue le 28.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.01.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/01/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Gesondheet weiderzeleeden.**

D'Omikron-Well huet dozou gefouert, dass eng Rei vun de sanitäre Mesuren an de Schoulen ugepasst goufen. Ënnert anerem musse Kanner, deenen hire Schnelltest an der Schoul positiv ass, elo net nach e PCR-Test maachen, éier si an Isolatioun kommen.

D'Viraussetzung fir e gëltege CovidCheck-Certificat no enger Infektioun ze kréien, bléift zu Lëtzebuerg awer de positive PCR-Test.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass fir d'Zukunft geplangt, deene SchülerInnen, déi e positive Schnelltest an der Schoul gemaach hunn, op Basis vun dësem Test e CovidCheck-Certificat auszestellen? Falls jo: Géifen dës Certificaten vun aneren EU-Länner unerkannt ginn?

2. Wéi goufen d'Elteren doriwwer informéiert, dass si awer zousätzlech zum Schnelltest nach e PCR-Test musse bei hire Kanner maache loossen, falls si wëllen, dass dës no der Erkrankung e CovidCheck-Certificat kréien?
   Wien dréit d'Käschte vun dësem PCR-Test?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Educatioun, Kanner an Jugend, Claude Meisch, an der Madamm Gesondheetsministesch, Paulette Lenert, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5613 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

Bis zur leschter Woch war et effektiv esou, datt een obligatoresch e positive PCR-Test gebraucht huet, fir en europäeschen digitale Covid-Certificat (EUDCC) ausgestallt ze kréien. Dëst war am Aklang mam EU-Reglement 2021/953. Verschidde Länner hunn awer e parallelle nationale System opgebaut, deen notamment a verschiddene Fäll och d'Austelle vun engem Certificat de rétablissement op Basis vun engem positive Schnelltest erlaabt. Dëst huet zwar méi Flexibilitéit op nationalem Plang erlaabt, mee huet dann de Problem mat sech bruecht, datt d'Zertifikater iwwert déi national Grenzen eraus net méi gülteg sinn.

Den 22. Februar 2022 huet d'EU-Kommissioun e neien Text ugeholl, laut deem zanter dem 23. Februar 2022 et de Memberstaaten och méiglech ass, een EUDCC op Basis vun engem positive Schnelltest auszestellen, ënnert der Konditioun, datt esou een Test awer vu qualifizéiertem Personal durchgeféiert gëtt. Ausserdeem muss et sech och ëm Schnelltester handelen, déi op der EU-Lëscht vun den Antigentester stinn. Dës Praxis ass applikabel fir Länner, déi net genuch TAAN-Test-Capacitéiten hunn, well den TAAN-Test bleift de Referenztest fir d'Diagnos vum Covid-19.

Vu datt Lëtzebuerg aktuell keng Enkpäss fir PCR-Tester huet, bleift aktuell en TAAN-Test néideg, fir en EUDCC auszestellen. Deemno ass et aktuell net méiglech, e Certificat de rétablissement op Basis vun engem positiven Schnelltest, deen am Kader vum Enseignement duerchgefouert ginn ass, auszestellen.

D'Regierung wäert sech zäitno doriwwer beroden, a wéiwäit déi nei Ouverture, déi d'EU-Kommissioun mam Acte délégué vum 22. Februar gemaach huet, sech eventuell och fir Lëtzebuerg kéint applizéieren.

**Ad 2)**

All Persoun, déi op Basis vun engem Schnelltest positiv getest gëtt, kritt mat den Dokumenter fir den Isolement och eng schrëftlech Informatioun op fënnef Sproochen, déi erkläert, datt fir d'Ausstelle vun engem Certificat de rétablissement e PCR-Test néideg ass. An dësem Fall ass de PCR-Test gratis.

Lëtzebuerg, den 1. Mäerz 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH